

Huet et mussen esou wäit kommen?

D’Kaz ass dann elo aus dem Sak. Am Kader vun den neie generelle Restriktiounen huet d’Regierung ënner anerem och beschloss, dass d’Kanner bis den 10. Januar 2021 net méi «en présentiel» an d’Schoule kommen.

Fir den SNE/CGFP ass et wichteg, dass et net einfach zu enger Vakanzverlängerung kënn. D’lescht Joer si scho vill Unterrechtsstonne verluer gaangen a mir kënnen eis et net erlaben, d’Schoulen zou ze loosse an de Kanner hiert Recht op Bildung ewechzehuelen. Den Enseignant muss an der Woch vum 4. bis den 10. Januar déi néideg Flexibilitéit behale fir säin «Enseignement à distance» esou ze organiséieren, wéi hien et am sënnvollste fënnt. Esou kënnen an dëser Woch Widderhuelunge stattfannen, et kann awer och weider um Programm geschafft ginn, jee no Besoin vun der Klass oder den eenzele Kanner. D’Virussetzung dofir ass, dass d’Kanner an d’Léierpersonal mat deem néidegen technesche Material ausgestattet sinn.

Déi essentiell Froen, déi sech fir den SNE/CGFP awer stellen, sinn: Huet et missen esou wäit kommen a wéi geet et no dëser Woch virun? Gëtt aus eventuelle Feeler geléiert oder fuere mir weider, wéi bis elo, mat der Gefor, dass d’Schoule sech an e puer Wochen, erëm an der selwechter Situatioun erëmfannen? Mir vermessen nach ëmmer e laangfristegt a kohärent Konzept vum MENJE.

Den SNE/ CGFP freet sech och, wat de MENJE sech konkret vun dëser Woch «Enseignement à distance» erwartet. Hofft een, dass d’Schüler an d’Personal den 11. Januar all negativ an d’Schoul zeréck kommen? Misst een an deem Fall net erëm d’ganz Schoulpopulatioun geziilt testen ier een erëm mam reguläre Schoulbetrib ufänkt?

Laang, vill ze vill laang, ass net genuch geschitt.

Am Januar sollen elo endlech d'Schoule mat CO2-Ampelen ausgestatt ginn. Den SNE/CGFP hat dat scho bei der Rentrée gefuerdert.

Dës Mesure geet dem SNE/CGFP awer net wäit genuch.

Mir fuerdere weiderhin an de Kllassesäll mobil «Luftraumreiniger» a Schutzwänn aus Plexiglas tèschent de Kanner. Och musse Féiwermoossapparater an de Schoulen zum Asaz kommen. Den Enseignantë sollen FFP2-Masken zur Verfügung gestallt ginn, wa si dat wënschen. Ausserdeem missten d'Enseignanten op fräiwëlleger Basis d'Méiglechkeet kréien, sech prioritär géint de Covid-19 impfen ze loossen.

Et muss och endlech séchergestallt ginn, dass et zu kenge Vermëschunge vu Kanner an de «Structures d'accueil» méi kënnt. Et huet absolut kee Wäert, dass d'Schoule mat grousssem Opwand d'Vermësche vu Kanner vermeiden, wann dat an de Maison-relaisen net d'selwecht gehandhaabt gëtt.

Et geet och net duer, permanent de Constat ze maachen, dass d'Zesummenaarbecht tèschent der Santé an dem MENJE net zefriddestellend ass, dass den Tracing net effizient funktionéiert an dass d'Ordonnancë mat Verspéidung bei de Concernéierten ukommen. Wieder eleng ginn net duer!

Den SNE/CGFP fuerdert den Educationnsminister op, endlech ze handele fir esou ze evitéieren, dass d'Situatioun sech an e puer Wochen erëm zouspëtzt an all d'Efforte fir näischt waren.

Am Interêt vun der Schoul am Allgemengen an awer och vun all eenzele Kand müssen endlech all d'Moyenen ausgeschöpft ginn fir ze verhënneren, dass de Virus sech an der Schoul verbreet, no bausse gedroe gëtt an doduerch gréisser Infektionskette entstoe kënnen.

Matgedeelt vum SNE/CGFP, den 21. Dezember 2020